N°958
Entrée le 24.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 958 vum 2. Juli 2024 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

An den aktuellen Negociatiounen déi mir mam TICE zu de Linnebussen an deenen hirer Finanzéirung hunn, woer bis elo zu kengem Zäitpunkt vu manner Kilometere Rieds.

Et ass weiderhi mäin Ziel den ëffentlechen Transport am Süde vum Land auszebauen. Wann de Süde vum Land mobil wëll bleiwe, musse mer 2035 duebel souvill Leit transportéiere wéi nach 2017.

Ech hunn déi politesch Responsabel vum TICE bis ewell 3 mol getraff den 13. Mee, den 27. Juni a 15. Juli. Meng Servicer hunn eng 30 Reuniounen op techneschen a politeschen Niveau mam TICE gehat. Et waren oppen an éierlech Gespréicher an ech ginn dovunner aus, dass mer déi nächst Verhandlungsronnen am September mat der selwechter Approche a selwechten Rhythmus u Réuniounen kënne weiderféiere fir da séier zu engem Resultat ze kommen.

Lëtzebuerg, den 24. Juli 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes